N°2432
Entrée le 10.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2025
Chambre des Députés

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 10. Juni 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Bildung an Erzéiung vun eise Kanner ass eng vun de fundamentale Responsabilitéite vum Staat. Fir d'Sécherheet an d'Wuel vun de Kanner ze garantéieren, muss d'Astellung vu Personal am Enseignement Fondamental net nëmmen op Basis vu fachlechen an didaktesche Kompetenze geschéien, mä och ënnert strenger Berécksiichtegung vun de moralesche Qualitéite vum·n der Kandidat·in. Dëse Prozess muss kloer gereegelt a streng iwwerwaacht ginn, fir ze garantéieren, dass nëmmen déi Persounen, déi allen Aspekter vun den Ufuerderungen entspriechen, an d'Funktioun vum·n der Enseignant·e ernannt ginn.

Zousätzlech gëtt ëmmer erëm d'Fro opgeworf, wéi eng Roll d'Gemengen an dësem Recrutementsprozess spillen an ob si entscheedend Rechter hunn oder ob hir Roll éischter consultative Charakter huet. Besonnesch Bedenke ginn och opgeworf am Fall, wou eng Persoun en Extrait vum Casier judiciaire virleet, deen Delikter enthält, déi d'Integritéit vun der Funktioun vum·n der Enseignant·e kéinten a Fro stellen.

An deem Kontext wéilt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Wat fir Delikter gëllen als Ausschlosskrittär fir eng Funktioun am Enseignement Fondamental?
- Ass geplangt, d'Ausschlosskrittären aus dem Casier judiciaire am Recrutementsprozess ze verschäerfen? Beispillsweis d'office am Fall vu bestëmmten Delikter?
- Vu dass d'Gemenge keen Abléck an d'Dossiere vum zukünftege Léierpersonal hunn, ass eng Reform vun der Roll vun de Gemengen am Recrutementsprozess am Gespréich?
- Vu dass d'Gemengen d'Léierpersonal guer net méi selwer bezuelen, wär et net méi sënnvoll de ganze Recrutementsoflaf géif bei den Educatiounsministère eriwwergoen?

Här President, ech bieden Äech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nathalie MORGENTHALER
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2432 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler**

1. **Wat fir Delikter gëllen als Ausschlosskritär fir eng Funktioun am Enseignement Fondamental?**
2. **Ass geplangt, d'Ausschlosskritären aus dem Casier judiciaire am Recrutementsprozess ze verschäerfen? Beispillsweis d'office am Fall vu bestëmmten Delikter?**

Den Artikel 2 vun der *Loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État* respektiv den Artikel 3 vun der *Loi modifiée du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'Etat* gesinn am Kader vun engem potenzielle Recrutement als Staatsbeamten oder Employé de l'État vir, datt den Agent, deen an de Staatsdéngscht opgeholl gëtt, am Besëtz vun de biergerlechen a politesche Rechter ass an déi néideg Garanties de moralité virweist. Dëst geschitt ënner anerem duerch d'Virleeë vun engem Auszuch aus dem Casier judiciaire, fir déi strofrechtlech Vergaangenheet vum Kandidat ze iwwerpréiwen.

Laut dem Artikel 49 vum Staatsbeamtestatut verléiert ee Beamten automatesch seng Plaz, säin Titel an ënnert verschidde Konditioune säi Recht op Pensioun, wann e wéinst enger virsätzlech begaangener Dot zu enger Fräiheetsstrof vu mindestens engem Joer ouni Sursis oder zu engem Entzuch vun allen oder engem Deel vun de Rechter, déi am Artikel 11 vum Code pénal opgelëscht sinn, verurteelt gëtt. Aus deem Grond ginn d'Kandidature vu Stroftäter mat enger entspriechender Verurteelung d'office refuséiert.

Well d'Schütze vun de Kanner ëmmer am Vierdergrond steet, gëtt an dësem Zesummenhang am Secteur vun der Enfance an Educatioun am Kader vun der Recrutementsprozess zousätzlech zum Bulletin N°3[1] nach de Bulletin N°5[2] vum Casier judiciaire vun de Kandidate gepréift. Kandidaten, déi kee viergë Bulletin N°5 kënne virweisen, ginn d'office net ugeholl.

Opgrond vun de festgeluechte Krittären, wéi se an de gültege gesetzleche Bestëmmunge verankert sinn, an am Hibléck op d'Praxis, no där aktuell Kandidature wéinst bestëmmten Delikter net zeréckbehale ginn, schéngt d'Opstelle vun enger ëmfaassender Lëscht mat Delikter, déi automatesch zu engem Ausschloss am Kontext vun engem Recrutement féieren, net erfuerderlech.

3. **Vu dass d'Gemenge keen Abléck an d'Dossiere vum zukünftege Léierpersonal hunn, ass eng Reform vun der Roll vun de Gemengen am Recrutementsprozess am Gespréich?**
4. **Vu dass d'Gemengen d'Léierpersonal guer net méi selwer bezuelen, wär et net méi sënnvoll de ganze Recrutementsoflaf géif bei den Educatiounsministère eriwwergoen?**

D'Gemengen hunn eng droend Roll bei der Selektioun an der Verdeelung vum Léierpersonal, dat duerch de Staat gestallt gëtt, bedéngt duerch hir Responsabilitéiten um Niveau vum Vote – dee natierlech och negativ ka sinn – vun de jeeweilege Kandidaten an vun der Elaboratioun vun der

---

[1] *Art. 2 vum Règlement grand-ducal du 23 juillet 2016 fixant la liste des administrations et personnes morales de droit public pouvant demander un bulletin N° 2 ou N° 3 du casier judiciaire avec l'accord écrit ou électronique de la personne concernée*

[2] *Art. 9 vun der Loi modifiée du 29 mars 2013 relative à l'organisation du casier judiciaire et aux échanges d'informations extraites du casier judiciaire entre les états membres de l'Union européenne*

Schoulorganisatioun. Als Unhaltspunkt fir d'Selektioun an d'Verdeelung vum Léierpersonal kritt d'Gemeng, wéi am *Règlement grand-ducal modifié du 27 juin 2016 déterminant le détail des critères de classement ainsi que les modalités des procédures d'affectation et de réaffectation des candidats à un poste d'instituteur dans l'enseignement fondamental* festgehalen, vun der zoustänneger Regionaldirektioun Referenzen zu den ënnerschiddlechen Agenten. Dës Referenzen ëmfaassen nieft der Lëscht vun de Preferenzen, déi d'Kandidate fir déi ënnerschiddlech Posten uginn hunn och e Klassement vun de Kandidaten, dee jeeweils déi zoustänneg Direktioun erstellt. Fir d'Erstelle vun dësem Klassement ginn nieft dem leschte Rapport d'appréciation des performances professionnelles (respektiv der neitster Note d'inspection) och d'Anciennetéit vun den Agente mat abezunn.

Eng Reprise vum gesamte Rekrutementsoflaf duerch den Educatiounsministère géif zu enger Ëmverdeelung vun de Kompetenzen tëscht dem Staat an de Gemenge féieren. De Regierungsprogramm 2023-2028 gesäit ënnert anerem och Diskussioune ronderëm d'Opdeelung vun de Kompetenzen tëscht de Gemengen a mengem Ministère vir. Och d'Gestioun vun de Ressources humaines gëtt an dësem Zesummenhang explizitt ernimmt. An deem Kontext wäerte Gespréicher mam Syvicol gefouert ginn; an der Vergaangenheet konnt bei deenen Diskussioune keng Eenegung fonnt ginn.

Lëtzebuerg, de 4. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH